N°907
Entrée le 23.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°907 vum 19. Juni 2024 vun dem honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Wat de Buergermeeschter nom Fäerdegstelle vun engem Wunngebai muss kontrolléieren, ass net gesetzlech gereegelt. Dat ofgeännert Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain gesäit keng Receptioun vu fäerdeggestallte Wunnenge vir. Deemno kann de Gemengerot am Bautereglement selwer Prozedure fir d'Receptioun vu Gebaier virginn. Wat genau ënnert d'Kompetenz vum Buergermeeschter fält am Kader vun der Receptioun vum Chantier, kann de Gemengerot och am Bautereglement festhalen.

Am Fall, wou de Bau net de geneemegte Pläng vun der Baugeneemegung entsprécht, ginn et zwou Méiglechkeeten :

- Wann de Bau just ganz minimal divergéiert par Rapport zu der Baugeneemegung, da gëtt et eng Toleranz, déi vun de Verwaltungsgeriichter festgehale gouf[1]. Et handelt sech heibäi em d'Applikatioun vum Prinzip *„de minimis[2]“*. Deemno ginn et keng Konsequenze fir ee Bauhär, deen z.b eng Konstruktioun e puer Zentimeter méi héich gebaut huet, wéi d'Baugeneemegung et virgesäit.
- Falls de Bau awer lo méi substantiell divergéiert par Rapport zu der Baugeneemegung, da muss de Buergermeeschter e Baustopp veruerdnen, an dee concernéierte Bauhär muss sech der Baugeneemegung conforméieren. Falls déi concernéiert Persoun dëser Opfuerderung vum Buergermeeschter net nokënnt, riskéiert si och strofrechtleche Poursuitten ausgesat ze ginn.

Beim Ausféiere vun enger Baugeneemegung si kéng Derogatioune méiglech. Deemno muss d'Baugeneemegung genau sou exekutéiert ginn, wéi se accordéiert ginn ass, an zwar an de Grenze vun der Toleranz, déi d' Verwaltungsgeriichter toleréieren.

Wann ee Bierger der Meenung ass, dass eng Baugeneemegung falsch exekutéiert ginn ass, kann e sech un déi concernéiert Gemeng adresséieren. Déi kann da wéi gesot e Baustopp veruerdnen, an de concernéierte Bauhär riskéiert dann ebenfalls, jee nodeems wéi schlëmm de Verstouss ass, strofrechtlech Poursuitten.

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden

[1]Arrêt vun der Cour administrative, Nummer 33689C vum Rôle
[2] Ennërt "*de minimis*" ass ze verstoen dass eppes esou kleng ass dass et keng Bedeitung huet.